n° 2822

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. September 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weider ze leeden.

An der Äntwert op meng mëndlech Fro N°12 vum 12 Mee 2020 zum Thema Suicide bei Kanner a Jugendlecher, sot den Educatiounsminister datt ab dem nächste Schouljoer eng Decharge soll agefouert gi fir déi Enseignantën déi sech am Kader vum CEPAS (Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires) fir d' Preventioun vum Suicide engagéieren.

An desem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann de Minister eis confirméieren datt dës Decharge elo vun dëser Schoulrentrée un agefouert ginn ass? Kann de Minister eis dozou Detailer ginn?
- Goufen d' Enseignantën informéiert iwwert dës Decharge ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marco Schank

Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2822 vum honorabelen Här Deputéierte Marco Schank**

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet d'Schouljoer 2020/21 notamment ënnert de Motto vum Wuelbefanne vun de Kanner an de Jugendleche gestallt ("Mir këmmeren eis"). Dozou gehéieren eng ganz Rei vun Aktiounen, déi ech fir d'Rentrée virgestallt hunn an déi ënnert anerem d'Santé mentale betreffen.

Et ass eng zudéifst traureg Tatsaach, datt eis Schoulgemeinschafte mat Suicidë vu jonke Leit confrontéiert ginn. D'Preventiounsaarbecht, awer och déi adequat Reaktioun op ee Suicide, sinn dofir vu gréisster Wichtegkeet.

Aus deem Grond hunn ech decidéiert, datt an all Lycée eng Equipe soll constituéiert ginn, déi sech mat deem Thema befaasst, an déi aus Membere vun der Direktioun, dem psycho-sozialen an edukative Personal, an och aus Membere vum Léierpersonal soll bestoen. D'Aarbecht vum Léierpersonal gëtt dobäi mat enger Decharge vun enger "Leçon" honoréiert, wat 72 Aarbechtsstonnen iwwert ee Joer entsprécht.

D'Schoule sinn den 23. Juli duerch eng Instruction ministérielle iwwert dës Dispositiounen informéiert ginn.